N°4121
Entrée le 05.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 4121 vum 21. Mee 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet Comités de prévention de la Police.**

1. **A wéi enge Gemengen, wou nom Proporzsystem gewielt gëtt, sinn och Gemengeconseilleren aus Oppositiounsparteien am Comité de prévention vertrueden?**

Esou wei schon an den Äntwerten op d'parlamentaresch Froen N° 6479 vum 14. Juli 2022 an N° 810 vum 29. Mee 2024 präziséiert gouf, ass et dem Gesetz no (Artikel 38 vum Policegesetz) de respektive Buergermeeschter deen decidéiert ween an de Comité de prevention designéiert gëtt (« *Le comité de prévention comprend : 1°les bourgmestres des communes relevant du territoire de compétence du commissariat de police, qui, en cas d'empêchement, sont remplacés conformément à l'article 64 de la loi communale ; 2°les échevins ou conseillers communaux éventuellement désignés par les bourgmestres ; 3°le directeur de la région de police dans le ressort duquel se trouve la commune, ou son délégué ; 4°les chefs des commissariats de police territorialement compétents ou leur délégué ; 5°un agent municipal par commune relevant du territoire de compétence du commissariat de police, désigné par le bourgmestre. »)*

Den Inneministère féiert keng Statistiken zu der Kompositioun vun de Comités de prévention.

Lëtzebuerg, de 5. Juni 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden